n° 3222

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

An enger Circulaire vum Educatiounsministère vum 25ten November 2020 un d'Léierpersonal aus de Cyclen 2 bis 4 iwwert d'*Bilans intermédiaires* heescht et:

> Remarque:
> Il est rappelé que les parents des élèves des cycles 2-4 participeront à des échanges individuels organisés par le titulaire de classe avant les vacances de Noël. Les entretiens avec les parents se dérouleront, dans la mesure du possible, en présentiel à l'école et ceci dans le respect des mesures de protection des gestes barrière qui s'imposent.

Verschidde Persounen hei am Land (Leit vum Léierpersonal grad ewéi och verschidden Elteren) gëllen als vulnerabel a sollten am beschten all direkte Kontakt mat Leit vu bausse vermeiden.
Doriwwer eraus sollen awer och net vulnerabel Léit am Moment op all net essentielle Kontakt verzichten.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Hält de Minister et fir richteg, d'Léierpersonal unzeweisen d'Eltereversammlungen an der Schoul ofzehalen?
   Sollt dës Decisioun net de Concernéierten um Terrain iwwerlooss ginn, fir esou d'Léierpersonal zesummen mat den Elteren déi bescht Approche fir een Treffen auswiehlen ze loossen?

2. Wat mengt de Minister, wann hie seet, dass dës Entretienen sech sollen "dans la mesure du possible" an de Schoulen ofhalen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3222 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement

Ad 1) an 2)

Ewéi den honorabelen Här Deputéierte richteg a senger parlamentarescher Fro seet, steet an der Circulaire zu de Bilans intermédiaires, dass d'Entretiene mat den Elteren *"dans la mesure du possible"* sollen an der Schoul ofgehale ginn.

Dëst bedeit gläichzäiteg och, dat d'Méiglechkeet besteet, d'Entretienen op eng alternativ Aart a Weis ofzehalen, sollt dëst vum Enseignant oder vun den Eltere gewënscht sinn. D'Léierpersonal steet a reegelméissegem Kontakt mat den Elteren, esou dat si zesumme kënnen decidéieren, wéi eng Approche déi richteg fir si ass. Deemno kann, zum Beispill am Fall wou den Enseignant oder ee vun den Eltere vulnerabel ass, och op eng Video- resp. Audiokonferenz zeréckgegraff ginn.